N°666
Entrée le 29.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'VBZ, *Verkehrsbetriebe Zürich,* teste fir hiren Tramsreseau de Moment eng Art Airbag. Dëse gëtt fir bei der Fuererkabin vun engem Tram installéiert. Ausgeléist gëtt den Airbag duerch ee Sensor. An engem Video kann ee gesinn, wéi den Airbag sech opbléist kuerz ier et zur Kollisioun mat engem Dummy, deen e Foussgänger duerstelle soll, kënnt. Zil vum Projet ass, fir domat fir méi Sécherheet am Verkéier ze suergen, d'Folgen vun enger Kollisioun duerch den Airbag ofzeschwächen a schwéier Accidenter mat Foussgänger oder Vëlosfuerer ze verhënneren. Duerch den Airbag soll zum Beispill verhënnert ginn, dass eng Persoun ënnert den Tram soll geroden. De Projet vun der VBZ, deen hei mam Tram-Hiersteller Alstom zesummeschafft, befënnt sech de Moment nach an enger Testphase, déi bis dëse Summer soll ofgeschloss ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ginn et aktuell Pläng, fir och am Lëtzebuerger Tramsreseau esou Airbaggen op den Trammen installéieren ze loossen? Wa jo, ass den Staat mat den züricher Kolleegen an Kontakt? Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°666
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 666 vum 26.Abrëll 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Um Gebitt vun den „Systèmes d'aide à la conduite" an och spezifesch dem Anti-Kollisioun-System ass Luxtram a reegelméissegem Kontakt mat auslänneschen Tramsreseauen a Constructeuren.

Am Moment besteet keen direkte Kontakt mam Zürecher Reseau wou den Airbag fir den Tram aktuell nach an enger Testphas ass. Luxtram wäert des ofschléissend Resultater souwéi d'Entwécklung vun anere Schutzsystemer fir Foussgänger awer ganz genau suivéieren.

Schonn haut steet bei der Formatioun an och der Weiderbildung vun den Ekippe vum Tram de Volet „Sécherheet" un éischter Platz. An wann en de Verglach mam Ausland mécht, geschéien um Lëtzebuerger Reseau am allgemenge ganz wéineg Incidente, speziell wat d'Foussgänger ubelaangt.

Bei der nächster Ausschreiwung vum Rullmaterial ginn nei Ekipementer wéi Anti-Kollisioun-Systemer souwéi di méiglech nodréiglech Ausstattung vum besteeënden Fuerpark vun 33 Trammen a Betruecht geholl.

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes